

Titel: “Et ass net nëmmen zesummen Fussball spillen, et ass méi.”

Interview mam 3ten Hauptsponsor Herr Jean-Paul Schmitz, mee befiert mir ufänken, stellen mir lech den Jean-Paul an säin Betrib fir:

Den Jean-Paul ass Assureur säit bal 8 Joer. Virdrun huet hien bei der BGL geschafft.

Hien ass een Jong vum Norden an huet Joeren laang fir den FC 72 Erpeldange gespilt.

Säit 5 Joer ass hien Hauptsponsor beim F.C. Vinesca Ehnen an hëlleft bei der Entwécklung vun eisem Veräin.



Foyer

SCHUMACHER & SCHMITZ
Agence Principale d'Assurances
Remerschen - Tél.: 26 66 01 93



Him gehéieren 2 Agencen, zou Remerschen an Réimech.

Seng kompetent Equipe besteet aus 5 Leit an déi Minimum 5 Sproochen meeschteren:

- Lëtzebuerg
- Englesch
- Däitsch
- Franséisch
- Italienesch

Sproochlech an fachlech Gidd dir do net am Stach gelooss.

Sie bidden lech e kompletten Iwwerbléck iwwer Är Versécherung, perséinlech Berodung a professionellen Service.

Mat der ëmfaassende Produktpalette vum Foyer Group kënnen Sie op all Är Bedierfnesser reagéieren an lech op Mooss Léisungen am Beräich Versécherung, Präventioun a Spueren ubidden.

Sie begleeden lech an all wichtige Schrëtt vun Ärem Liewen an hëllef lech Är Dreem ze realiséieren:

- Ären éischten Auto ze kafen
- Kaf / Locatioun vun Aerer Wunneng
- Är Famill ze schützen
- Är Reesen an Hobbien ze finanzéieren
- En Liewen ouni Suergen no der Pensioun
- Eng komplett Analyse an Optimiséierung vun Aeren Assurancen

**“White Lions gëtt engem net just eng
Chance mee eng "Fair Chance"”**

Jean-Paul Schmitz

Sie sinn fir lech do, Sie beroden a verstinn lech, Sie wëllen eng laangfristeg Vertrauen s Relatioun mat lech opbauen. Dëst ass hier Motivatioun.

Den Jean-Paul war bereet eis puer Froen ze beäntweren iwver déi aktuell Saison, mee liest selwer wat hien vun dëser Equipe erwartet.

F.C. VINESCA EHNEEN

3 ième Division Senior
20/03/2022 um 16:00
Heem Match géint
AS Rupensia Lusitanos Larochette
STOP KRICH!!!!

Dëst ass den Slogan vun dësem Spilldag!!!
Mir als Veräin, hunn entscheet Entrées Kaarten vun
dësem Spilldag komplett der Associatioun
“HUK-Hëllef fir ukrainesch Kanner”
ze spenden.
Mir hoffen op är Ënnerstëtzung!!

HUK
LUXEMBOURG UKRAINE
HELLEF FIR UKRAINESCH KANNER

ENTRAPAULUS CONSTRUCTION
Rive Gauche GREVENMÄCHER
HANSE HAUS Genau mein Zuhause.
FLF
White Lion

1. Gudden Moien Herr Schmitz, als éischt soen mir lech Merci dat dir lech Zäit geholl huet fir eisen Veräin s internen Interview.

Dir sidd Assureur an een Jong vum Norden, wisou grad den F.C. Vinesca Ehnen?

Jean-Paul:

Den F.C. Vinesca Ehnen huet eng interessant Geschicht. Et ass een Veräin deen immens motivéiert Memberen/Spiller huet an et ass schéin ze gesinn wéi sech den Veräin ëmmer rëm entwéckelt.

2. Den Veräin schafft mat der ASBL vum den White Lions zesummen déi sech zou Ziel gesat huet fir eng faire Chance fir Jugendlecher an all Form vum Kategorie, op Fussball, Esport asw. Wat ass äre Meenung vum dëser Zesummenaarbecht?

Jean-Paul:

Ech fannen dat mat der Zesummenaarbecht mat White Lions eng ganz positiv Saach. Et ass wichteg, dass jonk Leit d'Chance kréien fir sech ze entwéckelen. White Lions gëtt engem net just eng Chance mee eng "Fair Chance".

Dëst ass eppes wat een haut zu Daags, mam héijen Leeschtungsdruck, net méi oft begéint an dowéinst begréissen ech des Collaboratioun natierlech tëscht dem FC Vinesca Ehnen an den White Lions.

3. Wat sot dir dozou dat den Altersduerchschnëtt 21,84 Joer ass vum der Equipe?

Jean-Paul:

Ech fannen et immens flott wann een sou een jonken Kader huet. Bei sou jonken Équipes entsteet of eng immens Eegen Dynamik. Et léiert een zesummen an et entwéckelt een sech zesummen.

4. Kann dat een Virdeel sinn fir Equipe dat Spillere nach Jonk an motivéiert sinn oder éischer een Nodeel?

Jean-Paul:

Et ass sécher een Avantage, wann déi ganz Equipe motivéiert ass. Et mécht een als Equipe gemeinsam Erfahrungen, dat kënnen gudder oder och méi schwéier Erfahrungen sinn. Den But ass, d'Équipe zesummenzehalen an dass duerno déi méi experimentéiert Spiller deenen jonken hier Erfahrung rëm weiderginn.

5. Wisou interesséiert dir lech fir dësen Projet?

Jean-Paul:

Ech fannen et ëmmer flott wann een Veräin sech weiderentwéckelt. Den Veräin hat schonn schwierig Momenter, mee den Veräin huet sech ëmmer rëm nei erfondt.

Dësen Projet annonciert sech immens positiv an ech sinn frou als Sponsor een klengen Deel vum deem Projet ze sinn.

6. Den Veräin huet sech nei orientéiert an senger Philosophie an dir sidd schonn Joeren dobäi als Sponsor, sidd dir zefridden mat der neier Philosophie vum Veräin?

Jean-Paul:

Jo, et ass immens flott ze gesinn mat wéi enger Motivatioun an Dynamik den Veräin sech entwéckelt. Et ass net nëmmen zesummen Fussball spillen, et ass méi, et ass eng Philosophie an eng grouss Idee, déi umgang ass sech ze verwierklechen.

7. Wat ass den Ënnerscheid tëschen dësem Projet an den Projet vun den leschten Joeren?

Jean-Paul:

Dësen Projet geet nei Weeër, et kann een dat net wierklech vergläichen. Et ass eng nei Etappe an der Evolutioun vum Veräin.

8. Als Haaptsponsor, sidd dir zefridden vum Verlaf vun der Equipe?

Jean-Paul:

Wann ech mech op Top-Facts bei Fupa baséieren ass dat objektiv een gudden Verlaf. Subjektiv ass den Verlaf fir mech och immens positiv, ech hat d'Chance den Trainer an och mat engem Spiller méi intensiv ze diskutéieren an do spiert een dass do nach ganz vill kënnt.

9. Wat sinn äre Zieler mam Veräin an der Equipe?

Jean-Paul:

Meng Zieler sinn ëmmer laangfristeg, et bréngt näischt just court-terme ze plangen. D 'Viraussetzungen sinn absolut ginn fir dass den FC Vinesca Ehnen eng flott Zukunft huet. Mäin Ziel mam Veräin ass, weiderhin houfreg ze sinn, dass een, een Deel ass vun dësem Veräin.

10. Wou gesidd dir als Haaptsponsor den Veräin an Equipe an 5 Joer?

Jean-Paul:

Dat hänkt ganz dovun of, ob den Veräin et fäerdeg bréngt déi jonk Equipe zesummenzehalen. Wann dat geléngt, huet een à priori vill Zäit fir sportlech virun ze kommen. Et kann een kontinuéierlech schaffen an och virun kommen. Wann een an 5. Joer an enger 1. Divisioun etabléiert wier, wier dat schonn enorm.

11. Wei géif dir lech beschreiwen?

Jean-Paul:

Ech probéieren, bei allem wat ech maachen 100% ze ginn. Dat héiert een oft vun Leit mee ech probéieren dat wierklech all Dag ze maachen.

Dësweideren kann een soen dass ech gären an vill schwätzen an nach méi laachen 😊

12. 2-2 ass den Match géint den F.C. Kiischpelt Wilwerwitz ausgangen. Elo kennt den Spëtzen Reider vun der Tabell, den AS Rupensia Lusitanos Larochette och Fiels genannt bei eis Heem. Wat erhofft lech vun dësem Match an kann Equipe géint dësen Géigner bestoen?

Jean-Paul:

Et wier natierlech eng flott Saach wann een géint d'Fiels kéint 3 Punkten huelen. Ech denken schonn dass d'Equipe géint desen Géigner kann bestoen. Bis elo leeft d'Saison schonn gutt, mee mat 3 Punkten géint den Leader dat war een groussen Schrack von vir. Ech gleewen fest drun, dass Ehnen sech kann géint de Leader duersetzen. Ech tippen op een 2-1 fir Ehnen.

13. Den F.C. Vinesca Ehnen huet entscheet dat dësen Heem Match komplett am Zeechen géint den Krich steet an dofir ginn Recette vun den Entréesbilljee komplett enger Associatioun "HUK-Hëllef fir ukrainesch Kanner" gespent. Sidd dir als Hauptsponsor zefridden dat den Veräin Solidaritéit wéisst an wei kann een ärer Meenung nach dem Leit aus der Ukraine hëllefen?

Jean-Paul:

Ech fannen daat eng super Initiativ dass Dir als Veräin desen Geste macht. Ech denken dass een op dësem Wee net nëmmen een positivt Zeechen vun der Solidaritéit setzt mais och nach eng konkret Hëllef ubid.

14. Kennt dir als Hauptsponsor vun der Mousel eisen Supporter an den Fussballbegechter Leit erklären wei eng Grënn et ginn fir Sonndes op Ehnen een Match kucken ze kommen?

Jean-Paul:

Et kritt een d 'Ambiance just mat wann een um Terrain steet/respektiv niewendrun. Déi Ambiance kann een net beschreiwen, et kritt een och eng ganz aner Relatioun zu der Equipe an zum Veräin. Et gesäit een dass jiddereen vun den Spiller bis zu den Memberen gemeinsam fir den Veräin schafft an dat ass immens flott.

Mir soen lech Merci Jean-Paul: fir dat angenehm Gespräch.

Bis geschwënn an op den nächsten Heem Match an der Buvette.

En Annexe presentéieren mir lech nach dem Jean-Paul sain Profil.

FOOTBALL [SEP]

- Mon âge: 44
- Ma position: rietsen Verteideger
- Ma taille: 1,79
- Mon surnom: JIPINALDO
- Mes clubs jusqu'à présent: FC 72 IERPELDENG
- A Ehnen depuis: 5 Joër
- Mon meilleur match jusqu'à présent: mir haaten mam FC72 Ierpeldeng an den 90'er Joeren an der Coupe géint Beggen gespilt, daat war eng flott Erfahrung.
- Mon meilleur adversaire:
- Ma pire blessure: Kräizbänner
- Mon idole dans la jeunesse: Jean-Marie Pfaff
- Mon club préféré: d'Mannschaft
- Mes objectif sportif: ech ginn immens gaer iessen, dowéinst ass mäin objectif sportif ze kucken dass d'Wo net ze schlecht gött.

PRIVÉ

- Mon boulot/ma profession: Agent d'assurances
- Mes hobbies en plus du football: - Fitness, E-MTB (an mengem alter duerf een elektresch Hëllef hunn)
- Ma devise de vie: Et ass net wierlech eng Devise, mais ech sinn absoluten Optimist, bei allem schlechten gött et eppes positives.
- Ce dont je peux être heureux: Meng Famill, Kollegen, Beruf, un sech alles.
- Qui je voudrais rencontrer: Den Claude Leuck als President vum FC Vinesca Ehnen am Stade de Luxembourg bei der Coupe-Final, wou den FC Vinesca Ehnen dann spillt. Géint ween ass mir egal 😊
- Où je voudrais vivre: Musel, sinn zwar aus dem Norden mais ech sinn elo op der Musel doheem.
- Ma nourriture préférée: ganz vill, sorry näischt exotesches mais eng Spaghetti-Bolognese
- Ma boisson préférée: all Zort vun Wäin
- Mon/ma musicien(ne) préféré(e): aktuell Post Malone
- Ma chanson préférée: Wenn Du wirklich willst vun B.O
- Mon acteur/actrice préféré(e): Morgan Freeman
- Mon film/ma série préféré(e): Cast Away
- Ce dont je peux rire: iwert mech selwer wann ech Fussball spillen